ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 05/10/2022

Rapport vun der Kommissioun fir nohalteg Entwécklung

Sëtzung vum 13 September 2022

Präsenzen

Present (Quorum 50% , ≥6)	Net present	Observateuren a Experten
Philippe CHENNAUX (President)	Jean-Jacques BUTTEL (entschëllegt)	
Marc FRANK	Pierre ESPEN (entschëllegt)	
Carlo KOEPP (Sekretär)	Claude HETTINGER (entschëllegt)	
Ambrus PORCSIN	Jacques HUSS (entschëllegt)	
Joske VOSMAN (Vize-President)	Patrick KRAEMER (entschëllegt)	

Dagesuerdnung

Déi folgend Dagesuerdnung gouf op d'mannst 2 Deeg virun der Sëtzung un d'Memberen (developpement.durable@helperknapp.lu) an op odj@helperknapp.lu verschéckt, respektiv nodréiglech, op Ufro vu Memberen oder dem Schäfferot, ugepasst

1. Begréissung & Presenzelëscht
2. Remarquen zum leschte Rapport
3. Energie Spuermoossnamen an der Gemeng
4. Tour du Duerf
5. Groussbotz am Oktober

Helperknapp, 05/10/2022

Punkt 1 : Begréissung, Präsenzelëscht

5 Memberen waren präsent, domadder konnte mir an der Sëtzung net deliberéieren.

Punkt 2 : Remarquen zum leschte Rapport

De Rapport vum 7 Juli 2022 gouf guttgeheescht.

Punkt 3 : Energie Spuermoossnamen an der Gemeng

Dëse Punkt koum op d' Dagesuerdnung aus zwee Grënn:

- De Joske huet an senger Vakanz un engem Webinar mam Minister Turmes deelgeholl iwwer Energiespueren an dat am aktuellen Kontext vu genereller Knappheet an déi implizéiert héich Energiepräisser duerch déi Weltwäit Kris um Energie Marché.
- Zweck fir eis ass et awer och fir manner Energie ze konsuméieren fir den Impakt op Natur an Ëmwelt nohalteg ze reduzéieren.

An der Sëtzung hu mir Iddien generéiert wéi een an eiser Gemeng Energie spueren kann. Déi follgend Virschléi goufen diskutéiert, wuel bewosst dat d' Gemeng vläicht schonn Verschiddener amgaang ass z' applizéieren:

- Stroossebeliichtung am Gemenge Perimeter wärend der Nuets Zäit partiell oder souguer ganz ausschalten
- Um elektreschen Niveau, Stroum Miessungen duerchféieren als Monitoring fir e Bilan ze maachen fir eventuell "énergivore" Verbraucher opzedecken a fir doropshin gezielt Moossnamen z' ergräifen.
- An den ëffentlechen Gebaier duerfir suergen dat ausserhalb vun den Büro- a Schoulstonnen, d' Computer an d' Ecranen ganz ausgeschalt ginn. Dat betrëfft och aner Apparater ewéi Drécker, Kopéierer asw.
- D' Raumtemperaturen vun den ëffentlechen Gebaier erofsetzen a begrenzen op <= 20°C
- Eventuell Unzuel vun de verfügbaren Säll a Raim fir Versammlungen erofsetzen, fir manner mussen ze hëtzen.

- Duerfir suergen dat d' Fënsteren zu sinn an dat net ze laang gelueft gëtt. Dat gëllt speziell Nuets an un den Weekender wann d' Säll net besat sinn.
- D' Temperatur an de Gebaier déi eidel stinn op Frascht Protektioun oder max. 12°C astellen.
- De Gemenge Fuerpark iwwerpréiwen an prioritär d' Gefierer mat manner Verbrauch benotzen. D' Aarbechten sinn esou z' organiséieren dat mat enger Faart gläichzäiteg e puer Aufgaben ofdeckt ginn.
- Keng opwenneg Feierdagsbeliichtung an der Gemeng installéieren, wat jo bis elo och ni de Fall war.

Punkt 4 : Tour du Duerf

Den Tour du Duerf ass jo den 10 September lassgaang an dauert bis den 30ten. Den Philippe huet 2 Strecken fir d' Strooss an de Mountainbike definéiert fir den gemeinsamen Vëlostour de 25 September.

Punkt 5 : Groussbotz am Oktober

Déi zweet Groussbotz vun dësem Joer ass den 8 Oktober. Eng Invitatioun geet un Presidenten vun de Veräiner, de Kommissiounen an un de Gemengerot. Bei der Koll gëtt et uschléissend eppes z' iessen vum Grill. Virdrun ginn 2 Zelter opgeriicht fir all Eventualitéit. Et gouf sech verstännegt op verschidden Grill-Wirschtercher, am ganzen 160 Stéck, an als Gedrénks Béier, Cola, Limonade, Äppelsaft, Plat- a Spruddelwaasser.

Treffpunkten sinn zu Béiwen, Brouch, Bëschdref an Téinten

Nächst Sëtzung

Déi nächst Sëtzung ass den 8 November um 19h00 am Gemengerotssall.

Helperknapp, 05/10/2022

Dëse Rapport soll an engem Délai vun 2 Wochen no der Sëtzung un d'Memberen verschéckt a no der Approbatioun als PDF un déi responsabel vun der Administration (tanja.asselborn@helperknapp.lu & yves.munchen@helperknapp.lu) weidergeleed.